ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Duerch en Artikel am Tageblatt ass bekannt ginn, datt de Geheimdéngscht eng Telefonsiwwerwaachung duerchgefouert huet, ouni dofir déi néideg Autorisatiounen ze hunn. Dëse Virfall ass an engem Communiqué vun der Regierung bestätegt ginn.

Dowéinst wéilt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:

- *Huet de Staatsminister, en anere Minister, e Member vun der Kontrollkommissioun, d'Madame Direkter vum Geheimdéngscht oder e Fonctionnaire de Parquet mat dësem Virfall saiséiert?*
- *Wa jo, wéini?*
- *Wa neen, wéi sou net?*

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten